Reglement N° 5 3.4.1996

Fändelen

1. Allgemenges

De Fändel mam Verbandsofzeechen (Gruppefändel resp. Campfändel) weist d'Zougehéiereregkeet vum Grupp, de Brânchenunitéiten an de Mêmbere vum Grupp zum Scoutissem/Guidissem an zum Verband vun de Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**.

Hien as bei wichtegen Amenter am Liewe vum Grupp a vun de Brânchenunitéiten derbäi.

Hie kann och iwwerall do gedroe gin, wou de Grupp oder Mêmbere vum Grupp sech an der Öffentlechkeet an Uniform weisen.

2. De Gruppefändel

2.1. Et besteet nëmmen ee Modell vu Gruppefändel (Modell LGS).

En as blo-mof, 130 x 100 cm grouss an huet an der Mëtt d'Verbandsofzeechen, dat 65 cm héich as. Iwwer dem Ofzeeche steet " Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** ", ënner dem Ofzeechen den Numm vum Grupp a vun der Uertschaft op lëtzebuergesch oder op franséisch.

D'Bustawe si giel Majusculen. De Stréch as 8 mm déck.
Bei der Schréft " Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** " sin d'Ufanksbustawen L G S 6,5 cm héich, déi aner Bustawen 4,5 cm héich.
D'Bustawe vum Gruppennumm a vun der Uertschaft si 5 cm héich.

D'Bustawe sin op de Fändel brodéiert.
De Fändel as aus Seid.

2.2. D'Fändelsstaang as en zweedelege Javelot an huet een no ënnen zougespëtzte Fouss aus Metall.

2.3. All Grupp huet nëmmen ee Gruppefändel.

3. D'Campfändelen

3.1. Rout-wäiss-bloen Nationalfändel: En as 200 x 120 cm grouss (Proportioun 5:3).

3.2. Blo-mofe Fändel: En as 175 x 125 cm grouss an huet an der Mëtt d'Verbandsofzeechen, dat 90 cm héich as. Enner dem Ofzeeche steet "Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** ".

D'Bustawe si giel Majusculen. De Stréch as 10 mm déck.
D'Ufanksbustawen L G S sin 8 cm héich, déi aner Bustawe si 5,5 cm héich.

D'Bustawe sin opgedréckt.
De Fändel as aus Nylon.

3.3. D'Campfändele gin opgehaang an hu keng eege Fändelsstaang.

3.4. All Grupp ka méi wéi zwee Campfändelen hun.

4. Schlussbestëmmung

D'Fändele mam Verbandsofzeeche gi vun dem Gruppechef (der Gruppecheftaine) am Shop vun de Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten** bestallt.